# Eng akademesch Pflichtübung

## Wéieng Hand as dann dem Lëtzebuerger séng?

Op Initiativ vum OGBL-President J. Castegnaro huet sech vrun e puer Méint eng "Action contre le racisme" zu Lëtzebuerg forméiert, di behaapt, all Gewerkschaften, Kierchen an Zeitungen ze vereenegen, fir géint di rassistesch Tendenzen vu bestëmmte Veräiner virzegoen, di als éischt am "forum" Nr. 102 am Abrël 1988 analyséiert goufen. Su ganz ouni Diskriminatiounen kënnt dee Kreess awer nët aus, well Vereenegungen an Zeitungen, di scho säit éiweg op deem Gebitt aktiv sin, wi d'ASTI, de CLAI, de "forum", d'Aktioun fir de Fridden, asw. goufe vu vireran ausgeschloss!




Am Déngscht vun der Saach hätt een dat jo nach kënnen hinhuelen. Mä d'Resultat weist, dass duerch dës Absenz der "Action contre le racisme" hir Aktiounen zu engem Schlag an d'Waasser geroden. Well hei nëmme Leit matschaffen (däerfen), di wäit vum Schoss liewen, as z. B. hir Aktiounswoch am Oktober zu enger akademescher Pflichtübung ouni Saaft a Kraaft geroden. 'T geet u mam Slogan: "Ech sin houfreg kee Rassist ze sin". A wéie Member vun der "Nationalbewegung" oder FELES géif dat da nët vu sech behaapten? Den Autocollant kënnt nët méi onkloer an der Ausso sin: Wéieng Hand as dann dem Lëtzebuerger séng: déi donkel respektiv rout mat de Krallen, deen di aner gläich zerquetscht, oder di menschlech, di zerdréckt gët? Dass déi Lëtzebuerger, di fir rassistesch Parolen ufälleg sin, alles mä keng Leitartikelen a scho guer keng franséisch Moralpriedegte vu prominente Perséinlechkeete liesen, schéngt bei den Iniateuren och nach nët gewosst ze sin. Mä och een dee se gelies huet, ka nët vill mat dene fromme Wënsch ufänken, di du ausgedréckt goufen. Konkret wor jhust d'Lydie Wurth-Polfer, dat de Privatvereenegungen d'Recht wëllt gin, wi a Frankräich Zivilpartei z'ergräifen, fir géint d'Auteure vu rassistesche Parolen an Aktiounen ze kloen. D'"Nationalbewegung" gouf jhust am Leitartikel vun der KP-Zeitung mam Numm genannt. Konkret mat deene falschen, awer oft ganz geféierlech gudd agewéckelten "Argumenter" vun dene Nationaliste setzt sech jhust de Carel Scheltgen an enger exellenter Analys am "Télécran" (Nr. 43/22.10.1988) an der Woch no (!) der Aktiounswoch auseneen. Dat iwerrascht ëmsou méi, wu een aacht Deeg vrirdrun beim Leitartikel vu séngem Chefredakter am meeschte konnt zweiwelen, ob e verstan huet, wat um Spill steet a wou d'Responsabilitéite leien.

All Chefredakteren vun der établéierter Press, grad och vun deene meescht geliesensten Zeitungen, hu jo gewisen, dass de Problem hinnen um Häerz läit. Da sollen se elo weisen, dass se och amstand sin, e mat journalistesch efficace Mëttelen unzepaken. Soss war hir Aktioun nëmmen eng Pëll, fir d'schlecht Gewëssen ze berouegen. Dass s'eent hun, as jo nët vu Muttwëll. Wor ët nët an der établéierter Press, wu bestëmmte Nowuespolitiker(innen) den Terrain fir nationalistesch Ideën preparéiert hun? Si nët di grouss Parteie schëlleg, dass ons Regirung keng Immigratiounspolitik définéiert huet? dass se keng Léisung fir den Auslänner hir Problemer sicht? dass also eng Rei vun Auslänner a Lëtzebuerger keng aner Hoffnung mi hun wi op d'Walrecht fir d'Auslänner an de Gemengen, fir dass d'Politiker endlich hir Responsabilitéit iwerhuelen?

**m.p.**

Bestellung duerch Iwwerweisung von 2o Frang ob den CCP vun der JOC

